Du bass tëschent 16 a 24 Joer al?

Du sichs eng Aarbecht oder eng Ausbildungsplaz?

Du hues Loscht nees an d'Schoul ze goen?

Du weess nach net sou genee waats du spéider maache wëlls, an misst deng Stäerkten entdecken?

Dann ass d'Jugendgarantie genee dat Richtegt fir dech!

Adem, SFP/ALJ an SNJ hëllefen dir de richtege Wee an d'aktiivt Liewen ze fannen. Dobäi hunn sech di dräi Partner e fest Ziel gesat: Soubal's du bei der Jugendgarantie ageschriwwe bass, engagéieren si sech dofir, dir innerhalb vu véier Méint e konkret Angebot ze maachen, wat dir hëlleft dengem Liewen den entscheedenden Kick ze ginn.

D'Jugengarantie garantéiert keng Aarbecht. Mee si garantéiert dir awer eng individuell Begleedung, déi zu dir passt, an déi op deng perséinlech Situatioun zougeschneidert ass, sou dass du deng Weichen richteg an Richtung Zukunft stelle kanns.

Huel deng Zukunft an d'Hand – Mir begleeden dech dobäi!

Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire:
Agence pour le développement de l'emploi (Adem)
Tel. 247 88888
jugendgarantie@adem.etat.lu

Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse:
Service de la formation professionnelle (SFP) / Action Locale pour Jeunes (ALJ)
Tel. 247 75959
jugendgarantie@men.lu

Service National de la Jeunesse (SNJ)
Tel. 247 86488
secretariat.transitions@snj.etat.lu

Maison de l'orientation
58, bd Grande-Duchesse Charlotte
L-1330 Luxembourg
Tel. 800 28 181
www.maison-orientation.lu

www.jugendgarantie.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Huel deng Zukunft an d'Hand

Mir begleeden dech dobäi!

D'Jugendgarantie zu Lëtzebuerg

D'JUGENDGARANTIE ZU LËTZEBUERG

1

2

3

DRÄI WEEËR AN D'AKTIIVT LIEWEN

Ran an d'Beruffsliewen

Du sichs de richtege Start an däi Beruffsliewen an brauchs dofir Orientéierung an Ënnerstëtzung? Du wëlls däin Beruffsprojet zesumme mat Expert'en definéieren? Du wëlls eng Ausbildung ufänken oder sichs eng Aarbecht?

D'**Agence pour le développement de l'emploi (Adem)** steet dir zur Säit, fir

- un Orientéierungs- a Weiderbildungsmoossnamen deel ze huelen
- éischt praktesch Erfahrungen an der Aarbechtswelt ze sammelen
- eng Ausbildungs- oder Aarbechtsplaz ze fannen

Mell dech bei der Adem per e-mail:
→ jugendgarantie@adem.etat.lu oder ruff einfach un um → Tel. 247 88888.

Zeréck an d'Schoul oder d'Ausbildung

Du hues d'Schoul ouni Ofschloss opgehal?

D'**Action locale pour jeunes (ALJ)** ënnerstëtzt a begleed dech

- beim Ëmsetzen vun engem neie schouleschen an beruffleche Projet
- bei der Sich no enger Ausbildung oder Schoul
- mat prakteschen Tipps fir däin Projet konkret ze organiséieren an ëmzesetzen

Kontaktéier de regionale Büro vun der ALJ an denger Géigend!
→ www.alj.lu, → facebook: Action locale pour jeunes oder informéier dech um → Tel. 247 75959.

Entdeck deng Interessien an Stäerkten

Deng berufflech Zukunft ass dir de Moment nach onkloer? Du bass dir net sécher wou deng Interessien an Stäerkten leien?

Eng fräiwëlleg Beschäftegung kann dir hëllefen deng Stäerkten z'entdecken an se geziilt anzesetzen.

De **Service National de la Jeunesse (SNJ)** hëlleft dir Projeten ze fannen déi dech um Wee an d'aktiivt Liewen weiderbréngen. Andeems du:

- un engem soziale Projet am Kader vun engem Service volontaire deelhëls
- zesummen mat aneren Jugendlechen deng ganz besonnesch Talenter weider ze entwéckelen
- individuell Ënnerstëtzung beim Iwwergang an d'Beruffswelt kriss

Kontaktéier den SNJ!
→ secretariat.transitions@snj.etat.lu oder informéier dech um → Tel. 247 86488